



Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2024

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

De leschte Weekend koum et op verschiddene Plazen am Land zou Héichwaasser. Am Süde vum Land sinn deelweis d'Kellere vollgelaft, well d'Waasser aus dem Kanal an d'Haiser kouw. De Waasserspiegel am Kanal ka bei extremem Ree bis zu der sougenannter Réckstauene klammen. Dann fëllen sech d'Leitungen am Haus mat de Waassermassen. All Oflaafstell, déi méi déif läit wéi d'Reckstauene, riskéiert iwwerschwemmt ze ginn, well d'Waassermassen, déi am Kanal keng Platz méi hunn, mat engem staarken Drock an "Auswee" sichen an duerch all Öffnungen am Haus ouni Réckstausécherung austriede kënnen. D'Éisträichesch Regierung gëtt eng Réi Rotschléi un hir Bierger:innen, wat si solle maachen, fir esou Iwwerschwemmungen ze verhënneren. <https://www.wien.gv.at/umwelt/kanal/pdf/infoblatt-ueberflutung.pdf>

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann een zu Lëtzebuerg Réckstauklappen bei sech doheim abauen? Wa jo, brauch een hei eng Geneemegung a wéi eng wier dat?
2. Sinn esou Réckstauklappen eppes wat de Staat de Bierger:innen uréit?
3. Kann een zu Lëtzebuerg bei sech doheim ee Kanal ausbauen oder bauen? Wat fir eng Geneemegung sinn hei néideg?
4. Bei den Toiletten ënner der Réckstauene réit zum Beispill déi Éisträichesch Regierung hire Bierger:innen, fir "Fekalienpumpen" anzubauen, wëll hei d'Reckstauklappen net de gëeegenten Outil wieren. Dierfen d'Bierger:innen hei am Land dës abauen? Och hei erëm d'Fro, ob een eng Geneemegung brauch a wéi eng dat an deem Fall wier?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



GOERGEN Marc  
Deputéierten



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)